

Dicks

Uewen an ënnen

E Witmann wunnt ënnen
An handelt mat Uewen;
Eng Witfra wunnt uewen
An handelt mat Ënnen.

Der Fra mat den Ënnen
Gouf d'Zäit laang do uewen;
Dem Mann mat den Uewen
Gouf d'Zäit laang do ënnen.

Hätt si dach do ënnen
Dee Mann mat den Uewen!
Hätt hien dach do uewen,
Déi Fra mat den Ënnen!

Wéi soll deen do ënnen
Ukommen do uewen?
Wéi soll deen do uewen
Ukommen do ënnen?



Du duecht d'Fra, géi ënnen
A kaf der en Uewen;
De Mann duecht géi uewen
An handel der Ënnen.

Eng Trap gong vun ënnen,
Enk däischer duer uewen.
Drop koum si vun uewen,
An hie koum vun ënnen.

Du stéisst dee vun ënnen
Sech un d'Fra vun uewen:
Bonzënebonzuewen
Du louche si ënnen.

„Zesuemen hält ënnen
Dach ëmmer mat uewen!
Dat wollt Gott do uewen!“
Riff d'Fra mat den Ënnen.

Haut handle se ënnen,
Haut handle se uewen,
Mat Ënnen an Uewen,
An Uewen an Ënnen.

